# Ab dem 1. Januar 2024 manner an der Paie? **Mir soen Nee!**

Ee vun de Punkte vum Accord salarial, déi den OGBL ausdrécklech begréisst huet, war d'Erhéijung vu 5% op den éischten honnert Punkten fir all Fonctionnaire an Employé beim Staat a bei de Gemengen. Iwwert d'Kollektivverträg gëtt déi Erhéijung och bei de kommunalen a staatleche Salariéën applizéiert.

Zwar war et nëmmen eng deelweis Upassung vum Punktwäert, amplaz eng integral Upassung, déi zanter 2018 aussteet, mee doduerch dass de Montant fir all Beamten d'selwecht ass, war et eng iwwerproportional Opwäertung vun den niddrege Carrièren. De groussen Hic vun där Mesure ass allerdéngs dass se vu virun just op ee Joer limitéiert war!

Et war also eng Lounerhéijung, déi zäitlech befrist ass – du jamais-vu. Mir hätten esou eppes net verhandelt.

**Den 1. Januar 2024 kënnt elo déi laang erwaarten allgemeng Punktwäerterhéijung ëm 1,95%.**
Mee déi 5% op den éischten 100 Punkten falen nees ewech!
D'Resultat: déi héich Carrièren kréien effektiv eng Erhéijung vun hirem Grondgehalt.
Fir all déi méi niddreg Carrièren – d'C- an D-Carrièren, a bis wäit an de B1 eran, bedeit d'Ewechfalen vun de 5%, trotz der Punktwäerterhéijung, ee Lounverloscht!
Och bei den CFL bréngt Ewechfale vun de 5% trotz der Punktwäerterhéijung, ee Lounverloscht mat sech, hei si ganz besonnesch d'Léit aus de Carrièren I, M a A betraff.
All déi betraffe Fonctionnairen an Employéë wäerten 2024 deemno manner an der Louncut hu wéi 2023.

**Mir soen NEE! Déi nei Regierung muss nobesseren.**
Am Sënn vun enger Opwäertung vun den niddrege Carrièren fuerdere mir dass déi 5% op den éischten 100 Punkten bäibehale bleiwen – fir all Fonctionnaire, Employé a Salarié beim Staat, bei de Gemengen a bei den CFL !!!

FNCTTFEL Landesverband

OGB·L
Département de la Fonction Publique